le Lac de la Strange an der Belscht

Den éischten Samschden am Mount November, steet traditioneller Weis beim Flyfishing Club Lëtzebuerg eis Sortie op Hompré an den belschten Ardennen, och nach la pêche au Jambonneau genannt, um Programm. Um Virowend vun dëser Sortie fänken ëmmer d´Bannowender mam Méckenjang am mam Raym un déi dëst Joër um Site vun den Fëschweiheren zu Lamadelaine stattfannen ewou sech vill Aarbecht gemeet gin ass vun den Bedreiwer, dem Cindy an dem Andy, fir eis een adequaten Raum anzerichten ewou elo eis Bannowender stattfannen kënnen. Mir hun eis also Samschdes op den Weë an déi belscht Ardennen gemeet, net ouni komesch Gefiller am Bauch ewell mir op deem Site nach Nie mam Wieder verwinnt gin woren an dodernieft och ganz seelen vill Fësch op déier Plaz gefaangen hun. Mée dëst Joër sollt glécklecher Weis alles ganz annescht gin, zwar wor et och dës Kéier ganz schwéier fir Fësch ze fänken mée op ee puer Plazen sin awer ganz vill Fësch un d´Méck gaangen. Mam Wieder haten mir et dëst Joër net nëmmen op der Strange formidabel gudd erwëscht, et kann een ouni Iwwerdreiwung soën dass dëst Joër bei eisen Sortiën d´Sonn op eis geschéngt huet an dass et hoffentlech an deem Sënn weidergeet.

Et wor een wonnerschéinen Hierschtdag deen mir un dësem Samschden beim Waasser verbruecht hun, bei ëm déi 15° Grad an der Sonn hun mir eis hei an do wirklech gefrot op mir um Lac de la Strange woren ewell bis elo woren mir op dëser

Plaz nach Nie mat Händchen ungepaackt gin et wor normalerweis ëmmer richtegt Novemberwieder wann mir hei ungetrueden sin. Esou woren mir dann och Alleguer gudder Déng ewei et las gaangen ass mée et wor net vun laanger Dauer ewell et sech séier gewissen huet dass och dëst Joër d´Kischten héich huungen an esou hun Moies nëmmen eis Fëschräiber iwwerhaapt Fësch gefaangen, déi Anner woren net esou mat Gléck geséint an hun verzweifelt no der richteger Méck gesicht firwéinstens eemol een Fësch ze fänken, mée dat ass Alles zimlech étrange um Lac de la Strange.

Nodeems déi Meescht vun eis een zimlech frustréierten Mueren verbruecht hun ass et dun awer zum Héichpunkt vum Dag komm, den Jambonneau ass opgedëscht gin an séier wor all Frust Vergaangenheet.

Duerno huet d'Welt schon erëm ganz annescht ausgesín !

Ee bëssen gesiedegt an virun allem gudd gestäerkt ass et dun erëm bei d'Waasser gaangen ewou et och nach weiderhin ganz schwéier wor fir Fësch ze fänken awer elo wor et deenen Meeschten awer zimlech egal. Mir hun dann trotzdeem ee

puer Fësch gefaangen ewoubäi nëmmen den Blop gaangen ass an och nëmmen dann wann een Dësen op den Fong geluecht huet an leien geloos huet. Et muss een zougin dass Dëst net déi schéinsten Art a Weis ass fir mat der Méck Fësch ze fëschen, mée ewei heescht et esou schéin, in der Not frisst der Teufel Fliegen.....

Mir hun dun awer ee puer schéin Fotoën mat Fësch gemeet an eisen Präsident, den Jeek, kann zeguer op Bestellung Fësch fänken, ewei den Luss Fotoën gemeet huet sot Hien am laanscht goën zum Jeek, “allez Jeek éng Forell vun 43 cm”, ech brauch Dës fir op den Film, ech wor nach net richteg laanescht dun huet et och schon gerabbelt .....

Elo wees ech och virwaat den Jeek eisen Präsident ass !